N°2921
Entrée le 03.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 2921 vum 23. September 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet “Rôle du Ministère des Affaires intérieures dans la gestion des syndicats communaux”.

1. Wäert den Inneminister op d’Bréiwer vun der FGFC äntweren?

Den honorabelen Députéierten Goergen verweist op Bréiwer an deenen d‘Personaldelegatioun vum TICE sech iwwer präsuméiert Feelverhale vum Bureau beschwéiert.

Den Artikel 32 vun dem ëmgeännerte Règlement grand-ducal vum 10. August 1991 iwwer d’Designatioun, d’Kompositioun an d’Fonctionnement vun de Personaldelegatioune vun de Gemengebeamte gesäit vir, dass de Bureau vun engem Gemengesyndikat an d’Personaldelegatioun, an engem Sträitfall, d’Missioun hunn fir ze probéieren eng Kompromëssléisung ze fannen, déi esouwuel dem Interesse vum Personal ewéi och dem Gemengesyndikat entsprécht.

D‘Parteien kënnen den Inneminister réischt saiséieren, wann sie no zwou Stellungnamen kee Konsens font hun.

Bei kengem vun den uewegenannte Bréiwer ass dës Prozedur respektéiert ginn sou, dass se net als valabel Stellungnamen kënne considéréiert gin an domat irrecevabel sin. D’FGFC huet dat matgedeelt kritt.

2. Den Inneminister hat an der Äntwert op meng Fro n°2543 geschriwwen:

"*Ech erënneren drun, dass d’Gestioun vum Personal eng exklusiv Kompetenz vum Bureau vum Gemengesyndikat ass a senger eegener Responsabilitéit ënnerläit*."

Wéi ee Roll spillt den Inneministère, als Autorité de Tutelle vun de Gemengen, bei der Kontroll vun den Aktivitéite vu Gemengesyndikater an Decisioune vu Gemengen, déi d'Gemengesyndikater betreffen?

D’Akte vun den Organer vun engem Gemengesyndikat ënnerleien dem selwechte Kontrollmechanismus wéi deen, deen d’Gemengegesetz a sengen Artikelen 103 bis 107*bis* fir d‘Akte vu Schäffen a Gemengeréit virgesäit.

3. Wäert den Inneminister dofir suergen, dass d'Delegéiert vun den onofhängeg gewielte Personaldelegatiounen d'Rechter vun hirem Mandat kënnen ausüben?

Den Inneminister huet keng Kenntnis vu Fäll, wou Membere vun enger Personaldelegatioun hier Rechter am Kader vun hierem Mandat net kounten oder kënnen ausüben.

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2025

Den Inneminister,

(s.) Léon Gloden